



Rapport Referees' Commission - 31.03.2022

Present : Courtois, Frieden, Keiffer, Nesser, Simonelli, Weber

Entschëllegt : Frieseisen, Geib, Kröpelin, Volz, Weinzierl

- 1) **Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 22.02.2022.**
- 2) **Cours fir C-Arbitter (nei Arbitter) : 2. Ulaf**
D'RefCom lanciert een 2. Versuch fir nei Arbitter ze forméieren. De Cours ass vum 8. bis 10. Juli 2022 programméiert. D'Clubb ginn nach separat informéiert.
- 3) **Formation continue – Tester fir Saison 2022-2023 :**
*Déi éischt Tester (Laf- a Reegeltest) fir d'Arbitter si fir den 9. Juli 2022 programméiert. Den Test Luc Léger ass fir all AXA-Arbitter, de Reegeltest fir **ALL** Arbitter.*
- 4) **Nei Reegelen – ab 1. Juli 2022 :**
D'IHF/EHF huet nei Reegele publizéiert, déi ab dem 1. Juli gëllen. D'RefCom huet sech déi Saach ugekuckt an ass der Meenung alle 4 Reegelen anzeféieren. Detailer heizou ginn nach verschéckt.
Kuerzfaassung:
 - Ongehënnerte Schoss (ausser 7m) den de Kapp vum Goalkeeper geréit = 2 Minutte Strof
 - Nom passive Virwarnzeeche sinn nach just maximal 4 Passen erlaabt
 - Et däreffe grouss Bäll mat Haarz, oder kleng Bäll ouni Haarz benotzt ginn.
 - Den Uwurf geschitt aus dem Uwurfkrees eraus. **!!Am Moment waarde mir bei dësem Punkt nach op weider Informatiounen vun der EHF!!***Fir all Testmatcher nom 1.7.2022 zielen déi nei Reegelen.*
- 5) **Courrier :**
Courrier Zuliani – de Sabien Weber, als Representant vun den Arbitter an der RefCom äntwert him op déi gestallte Froen
Courrier Simon – notéiert
- 6) **Spiller-Arbitter :**
D'RefCom wëll nach eng leschte Kéier drop hiweisen, dass Arbitter net spillen däreffen, wann si méi spéit am Dag nach päife mussen. Dëst ass zemoools an der AXA-League wichteg, well am Fall vun enger Blessure de Match misst verluecht ginn. Am Moment si keng Arbitter an der Reserve. Arbitter déi sech net drun halen, riskéiere staark net méi fir AXA-League Matcher nominéiert ze ginn.
- 7) **EHF Arbitter :**
D'RefCom lanciert een Appell un all d'Koppelen déi mengen, gutt genuch ze sinn, fir EHF Arbitter ze ginn (YRP a Kandidaten). Déi Koppelen déi sech mellen, ginn dann op eng Informatiounsversammlung agelueden, wou si d'Konditiounen gewuer ginn. All déi déi Konditiounen erfëllen a gewëllt sinn, ginn da bei der EHF gemellt.
- 8) **Nei Delegué :**
D'RefCom ass nach ëmmer op der Sich no Interesséierter fir Delegué (keng Beobachter) ze ginn. Wann dir Leit kennt, da sollen déi sech w.e.g. bei refcom@flh.lu mellen.



9) **Stage Ufank Saison 2022-2023 :**

De Stage vun den Arbitter Ufank Saison 2022-2023 ass vum 26. – 28. August 2022 (eventuell de Weekend virdrun 19.-21.08.2022). Wéinst de neie Reegelen ass de Stage OBLIGATOIRESCH fir ALL Arbitter. Déi Formatioun gëtt dëst Joer ënnert enger neier Formule an am noen Ausland ugebueden. Haapttheme sinn Teambuilding an déi nei Reegelen.

Well et déi lescht Jore vill „last minute“ Ofsoe gouf, gëtt dëst Joer och eng Kautioun gefrot.

Nächst RefCom Dënschden den 26. Abrëll 2022 um 18h30 zu Stroossen